ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 14/04/2026

# Rapport vun der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen

# 26/03/2026

19:00 – 21:00 an der Scheier zu Bëschdref

## Presenzen

| Present | Net present |
|---|---|
| Block Stefanie | Sadler Marie (entschëllegt) |
| Brandenburger Rosie (per Whats App) | De Rocco Magali (entschëllegt) |
| Kinnen Sandrine (Presidentin) | |
| Leches Max | |
| Leurart Ann | |
| Origer Sylvia | |
| Peiffer Véronique | |
| Pinto Toni | |
| Ruppert Lydie | |

**Rapport:** Sylvia Origer (Remplacement Marie Sadler)

## Punkt 1 Feed-Back Soirée de Bienvenue

- De Catering, d'Installéieren vum Material... hu ganz gutt geklappt. E grousse Merci un d'Gemeng fir di gutt Zesummenaarbecht.
- Op der Soirée ass d'Fro no engem séissen Dessert/Häppchen opkomm. D'Majoritéit vun der Kommissioun fënnt dat net néideg - et ass *just* e Patt a keen Iessen.
- D'Memberen vun der Kommissioun fannen et bedauerlech, dat d'Veräiner sech net kuerz wollte virstellen.
- Et waren net vill néi Awunner do, mir schätzen eng 12 Léit – et waren awer 36 Léit ugemellt. Wann een bedenkt, dat säit dem lëschte Pot de Bienvenue 200 Léit an der Gemeng bäigezunn sinn, stellt een sech d'Fro wéi een de

Patt an Zukunft kann anescht organiséieren, fir méi Léit unzezéien. Hei sinn e puer Alternativen ugeduecht ginn: Grillfest; e Bustour duerch d'Gemeng mam Patt verbannen; de Patt méi oft organiséieren, well di Léit di scho bal 2 Joer an der Gemeng wunnen, hunn eventuell keen Interêt méi op de Patt ze kommen.

- Leider huet keen eise Feed-Back-Formulaire (QR Code) ausgefëllt.
- Mir wären och frou e Feed-Back vun der Gemeng zum Patt ze kréien an hier Virschléi ze héieren, wéi een dat an Zukunft kann ugoen.

## Punkt 2 Artikel am Buet zum Stäreverkaf

- Mir maachen am nächste Buet en Artikel mat Fotoen vun der Kadosiwwerreechung. Esouwuel di Responsabel vum SAEI (Structure d'Accueil et d'Education Intégrée) vu Bëschdref wéi och vun HUT aus dem Mariendaller Foyer, hunn den Accord ginn fir eng Foto mat de Kanner ze veröffentlechen.
- D'Sandrine an d'Sylvia këmmeren sech ëm den Artikel.

## Punkt 3 Suivi COPIL

D'Kommissioun géif gäre wëssen, wat den aktuelle Stand vum COPIL hei an der Gemeng ass? Ass schonn en Datum gewosst, wéini de MIFA de COPIL am Gemengerot präsentéieren kënnt? Kéint d'Gemeng eis do e Feed-Back ginn wgl.

## Punkt 4 CEFIS – Ateliers de réflexion mi-mandat

- Mir kruten am Mäerz e Mail vum CEFIS (Centre d'étude et de formation interculturelles et sociales) weidergeleet. Den CEFIS proposéiert den eenzelne Kommissiounen vum interkulturellen Zesummeliewen, fir en Atelier de réflexion mi-mandat ze animéieren:
  - *faire le point sur les actions menées depuis le début du mandat ;*
  - *identifier les éléments ayant bien fonctionné ainsi que les difficultés rencontrées ;*
  - *clarifier, de manière réaliste, deux ou trois priorités pour la suite du mandat ;*
  - *aligner les ambitions de la commission avec les ressources et le contexte local.*

- Prinzipiell fannen mir als Kommissioun d'Iddie vum Atelier de réflexion interessant a mir denken, dat mir vun der Erfarung vum CEFIS profitéieren kënnen. D'Sandrine kontaktéiert di Responsabel vum Projet fir weider Detailer ze froen a kënnt op eis zréck.

## Punkt 5 Chargeverdeelung / Aarbechtsgruppen

- Mir kucken an Zukunft d'Chargen pro Aktivitéit méi konkret opzedeelen resp. a klengen Aarbechtsgruppen Projeten auszeschaffen.
- Zu all Event wou usteet, maache mir künfteg en Check-Lëscht mat all den Aufgaben, di ufalen an deelen eis dës ënnereneen op. Dës Check-Lëscht vereinfacht virun allem d'Organisatioun vun den Aktivitéiten, di reegelméisseg stattfannen (z.B. Pot de Bienvenue, Städeverkaf).

## Punkt 6 Zukünfteg Projeten

- D'Ann stellt de Projet **"Umbrella Mini-Projet Kultur – Fräizaït vu Leader"** fir:
  - *LEADER bitt finanziell an organisatoresch Ënnerstëtzung fir Bierger, Associatiounen, Kommissiounen, Gemeinschaften a Firmen, déi sech aktiv wëlle engagéieren, fir hir Regioun ze gestalten a ze stäerken.*
  - *D'Finanzéierung leeft iwwert den Europäesche Landwirtschaftsfong, de lëtzebuergesche Landwirtschaftsministère an d'Gemengen.*
  - *D'Iddi ass fir d'Dynamik tëscht de lokalen Acteuren ze promoten an zu enger motivéierter an aktiver Ëmsetzung vu gemeinsamen Iddien ze féieren.*
  - *Iwwert dëse Wee kënnen kleng Projete aus dem Beräich Fräizäit a Kultur finanziell ënnerstëtzt ginn (bis zu 4000€ / Projet).*

  Mir behalen des Informatioun fir eis künfteg Projeten am Hannerkapp a gräifen op di Méiglechkeet zréck, wa mer e Projet ausschaffen, deen den Ufuerderungen/Krittären vun *Umbrella* entsprécht.

- **"Kommt all an de Mariendall"** – mir iwwerleeën eis, ob mir eis dëst Joer als Kommissioun do wëllen engagéieren. Mir waarden mol den offiziellen Mail zu dësem Event of an huelen dann eng Entscheedung. Follgend Iddien si spontan opkomm: Bus mat Sproochecafé; Bustro (www.bustro.lu/ ). Mir kéinten eis virstellen, dëst an Zesummenaarbecht mat enger aner Kommissioun (z.B. der Kulturkommissioun) ëmzesetzen. Aarbeschtsgrupp: Ann, Sylvia.

Helperknapp, 14/04/2026

- **Kulinaresch a kulturelle Bustour mam Retrobus duerch d'Gemeng**. D'Iddie ass fir dëse Projet am Fréijoer 2027 ëmzesetzen – eventuell an Zesummenaarbecht mat der Kulturkommissioun.
  Aarbechtsgrupp: Toni, Ann, Lydie, Magali.
- Zousätzlech zu eisem traditionnellen **Stäereverkaf** vum Wantermaart zu Brouch, wëlle mir dëse Wanter d'Iddie vun den **Adventsfënsteren,** déi schonn a ville Gemengen stattfënnt, opgräifen.
  Aarbechtsgrupp Stäereverkaf: Max, Lydie, Magali, Marie.
  Aarbechtsgrupp Adventsfënsteren: Max, Toni, Lydie, Magali, Marie.
- Dëse Juni géifen mir gären en **1. Spillerowend** organiséieren. Dëse soll Mëttwochs Owes an der Schéier zu Bëschdref stattfannen.
  Aarbechtsgrupp: Ann, Sandrine, Steffi, Rosie, Sylvia.

## 7. Divers

D'Kommissioun géif et begréissen, wann d'**Fête des voisins** méi public an eiser Gemeng géif gemaach ginn. Den offiziellen Datum fir d'Nopeschfest ass den 22. Mee 2026 – mee dëst kann zu all Moment am Mee / Juni ofgehalen ginn. Um Site www.nopeschfest.lu kann d'Gemeng sech aschreiwen a Flyeren an Affichen bestellen. Et wär och flott fir e Message un all d'Bierger weider ze ginn, dat d'Gemeng Bänken an Dëscher fir d'Nopeschfest zur Verfügung stellen kann – esou wéi dat um Patt vun den néien Awunner erwäänt ginn ass.

Di nächst Versammlung fënnt den **11. Juni um 19h00 am Veräinsbau zu Tënten** statt.